PR am LGS-Grupp

PR am LGS-Grupp : a wat ass dat dann?, esou wäerts de dech elo froën. PR ass d'Ofkierzung vum engleschen Ausdrock "Public Relations", op franséisch heescht dat "relations publiques", an op däitsch "Öffentlichkeitsarbeit". Zum PR gehéieren also déi Aktivitéiten, déi e Grupp mécht, fir no bausse bekannt ze ginn oder ze bleiwen.

Dës puer Säite sollen dech ureegen, PR-Aarbecht an dengem Grupp ze maachen. Pass awer op: Et si keng Rezepter, déi een direkt ëmsetze kann, mee du muss se fir d'éischt un d'Situatioun vun dengem Grupp upassen. Dëse Pabeier stäipt sech ënner anerem op d'Diskussiounen, déi mer op der Hierschtrencontre 1999 zu Gréiwemaacher haten.

Wa mer vun PR-Aktivitéiten schwätzen, kann een net alles an een Dëppe geheien, well et gi vill Méiglechkeeten, no baussen opzetrieden. Mir wëllen äis op dräi Punkte limitéieren:

1) PR fir de Grupp no bausse bekannt ze maachen,
2) PR fir d'Grondsätz vun de Guiden a Scoute bekannt ze maachen,
3) PR fir nei Memberen ze kréien.

1) PR fir de Grupp no bausse bekannt ze maachen

Et ass immens wichteg, datt d'Gruppen an der Uertschaft oder am Quartier no baussen optrieden, fir datt d'Awunner, déi aner Veräiner a besonnesch d'Politiker si net vergiessen. Et gi verschidden Evenementer an enger Por, an enger Uertschaft, an engem Quartier oder enger Gemeng, wou d'Guiden a Scoute solle matmaachen, well si zu der Gemeinschaft gehéieren, oder fir hir Solidaritéit ze manifestéieren, oder einfach fir sech dobaussen ze weisen. Et hänkt vun der Natur vun der Organisatioun of, ob de ganze Grupp oder just de Gruppechef präsent ass. Wichteg ass, datt een direkt als Guide oder Scout erkannt gëtt. Näischt méi einfaches wéi d'Uniform unzedoen.

Dacks ginn offiziell Evenementer wéi Cortègen, Prëssiounen an aner lokal Feiere vun de Kanner an de Chef/tainen als langweileg ugesinn, mee op dëse Plazen ass et, wou ee positiv (awer och negativ) opfale kann.

Bei engem Eierewäin, deen de Grupp vläicht net vill ugeet, trefft ee munnechmol Leit, déi een déi ganz Woch net um Büro erreeche kann. An da kann ee froën, wéi et mam Subsid steet, wéini dann elo endlech de Chalet gebaut gëtt, oder firwat nach ëmmer kee Materiallager zur Verfügung steet.

Bei esou Manifestatiounen ass et och wichteg, datt ee korrekt a propper optrëtt. Et mécht kee gutt Bild, wa bei der Härläichendagsprëssioun e Grapp Guiden a Scoute wéi en Trapp Kéi duercherneelafen, de Läpp hallef aus der Box, eng zerfatzte Box un, déi eng mat an déi aner ouni Foulard, knätschen a schwätzen. Hei sinn eben e puer elementar Gesellschaftsregelen ze respektéieren.

Bei méi klenge Saache ginn dacks nëmmen een oder e puer Vertrieder vum Grupp invitéiert. Hei soll ee wann nëmme méiglech dohinner goen, a wann et och nëmmen ass fir sech ze weisen.

Mir hunn an eisem Verband an an eise Gruppen "signes distinctifs", dat heescht Zeechen, mat deene mir äis vun anere Veräiner ënnerscheeden:

- d'Verbandsofzeechen (Logo),
- den Numm « Lëtzebuerger Guiden a Scouten »,
- de Fändel,
- d'Uniform,
asw.

Dës Zeeche sollen esou dacks ewéi méiglech no bausse gewise ginn:
- d'Uniform bei Réceptiounen undoen,
- de Fändel mat an d'Prëssioun huelen,
- d'Verbandsofzeechen op de Chalet, den Home asw. molen,
- e Guiden- a Scoutsreider ophänken,
- anstännege Bréifpabeier drécke mat dem Logo an eisem ganzen Numm,
- en eegenen Internetsite schafen,
- asw.

Dëst muss awer anstänneg gemaach ginn. Et huet kee Wäert en Internetsite ze hunn, wann e voller Feeler ass an ni à jour gehale gëtt, oder Bréifpabeier vum Grupp ze maache wou schwaarz Sträifen drop sinn an d'Ofzeeche kromm am Eck hänkt. Et ass kloer, datt de Gruppechef kee Marketingexpert ass, mee hie ka sech berode loossen, an e muss probéieren, mat e puer einfache Mëttelen esou professionell wéi méiglech opzetrieden.

2) PR fir d'Grondsätz vun de Guiden- a Scoute bekannt ze maachen

Et ass noutwenneg, datt mer de Leit d'Grondiddiën a Wäerter vum Guidissem a Scoutissem méi no bréngen. Dacks schwiewen an hire Käpp nach iirtëmlech oder vereelst Virstellungen, z.B. datt mir déi sinn, déi all Aarbecht maachen, déi soss kee wëllt maachen (also eng falsch Interpretatioun vun der BA), oder déi der Bomi iwwer d'Strooss hëllefen.

Hei e puer Grondsätz, déi ze vermëttele sinn:
- Eist Zil ass, de Kanner a Jugendlechen an hirer Entwécklung ze hëllefen.
- Mir hu villsäiteg Aktivitéiten, déi d'Jongen a Meedercher mat wielen.
- Mir vertriede chrëschtlech Wäerter, sinn awer op fir jiddereen.
- Mir si parteipolitesch onofhängeg.
- Mir setzen äis a fir de Fridden, d'Gerechtegkeet an d'Erhale vun der natiirlecher Ëmwelt.
- Mir bedeelegen äis un Entwécklungsprojeten an aarme Länner.
- Eis Chef/tainë maachen eng extra Formatioun mat ; si engagéiere sech bei äis fräiwëlleg a ginn dofir net bezuelt.
- Eise Mouvement ass op der ganzer Welt verbreet.

Wann een de Leit dës Iddien a Wäerter méi no bréngt, hu si op eemol eng ganz aner Astellung vun eisem Mouvement.

Wéi maachen ech dat? Dëst ass ee stännege Prozess a kann net vun engem eleng gemaach ginn. Op deer enger Säit ass et um Verband fir dem « large public » dës Informatiounen ze vermëttelen. Op deer anerer Säit sinn de Gruppechef, d'Gruppecheftaine an déi aner Chef/tainë gefuerdert, fir de lokale Politiker oder de Vertrieder vun anere Veräiner aus hirer Lokalitéit dës Grondwäerter méi no ze bréngen. Si kënnen dës Wäerter mat konkrete Beispiller aus hirem Grupp illustréieren. Heifir profitéiere mir vu gudde Geleeënheeten, z.B. :
- a Publicatioune vum Grupp (Broschür bei engem Fest) en Artikel iwwer d'Grondsätz schreiwen ;
- a Rieden a bei informelle Gespréicher drop hiweisen ;

- an Zeitungsartikelen déi eng oder aner Grondiddi astreeën ;
- bei engem Fest eng kleng Ausstellung montéieren ;
- um Elterenowend net nëmme weise *wat* (Aktivitéit) gemaach gëtt, mee och *wéi* (Method) a *firwat* (edukativ Ziler) ;
- matmaache bei nationalen a lokale Manifestatiounen, déi am Aklank si mat eise Grondsätz, z.B. den Nationalen Dag vum Bam, d'Grouss Botz an der Gemeng, ee Bazar zugonschte vun engem Entwécklungsprojet, Démarchë fir d'Verbesserung vun der Liewensqualitéit fir Kanner a Jugendlech (Spillplazen, Sécherheet op der Strooss …), d'Oekofoire, d'Mataarbecht an der Jugendkommissioun vun der Gemeng ;
- eng Mass oder eng Veillée op Guiden- a Scoutsmanéier gestalten.

Dokumenter, Virlagen, Prospekter, Ausstellungsmaterial asw. kritt een an der Zentral vum Verband geléint.

Ganz wichteg ass, datt mir drop verzichte fir no baussen e falscht oder negativt Bild ofzeginn. Dat kann z.B. heeschen :
- Mir trieden net an engem militäresche « Battle dress » op.
- Mir setzen op eis Plakater oder Handziedele keng schockant Illustratiounen, z.B. Biller déi eng Ähnlechkeet mat rechtsextreme Symboler hunn.
- Mir hëllefe kenger Partei beim Wahlkampf oder bei enger parteipolitescher Manifestatioun.

3) PR fir nei Memberen opzehuelen

Eng aner wichteg Erausfuerderung fir vill Gruppen ass de Recrutement vun neie Memberen, well :
- Mir brauchen eng gewëss Zuel Memberen an eisen Unitéite fir datt d'Gruppeliewen an d'Method funktionéiere kënnen. Mat nëmme 5 oder 6 AvEx kritt ee kaum eng schmasseg Aventure/Expeditioun op d'Been.
- Mir wëllen äis an den Déngscht stelle vu méiglechst ville Meedercher a Jongen aus alle Milieuen.
- Et ass guer net einfach, en/g engagéiert/e Chef/taine vu baussen ze fannen. D'Gruppe rekrutéieren hir Chef/tainë meeschtens aus hire CaraPio oder RaRo. Dofir ass ët immens wichteg, datt all Unitéit genuch Memberen huet, fir no e puer Joër och nei Chef/tainen ze kréien.

Mee wéi kréien ech dann elo d'Kanner derzou, bei d'LGS ze kommen?

Een oft ënnerschätzt Mëttel ass de "bouche-à-oreille". Dat heescht, wann ee Kand deem aneren erzielt, wéi schéin (oder wéi schlecht) d'Versammlunge bei de Guiden a Scoute sinn. De Bouche-à-oreille kann déi beschte Publicitéit fir e Grupp sinn, wann eis Kanner begeeschtert vun den Aktivitéite verzielen. Dat kann nei Memberen unzéien. Mee de Bouche-à-oreille kann och ganz schlecht fir e Grupp sinn. Sief ët, datt d'Aktivitéite wierklech schlecht oflafen, oder, wat ët och gëtt, datt falsch Rumeuren express an d'Welt gesat ginn. Meeschtens mierken de Gruppechef, d'Gruppecheftaine an de Grupp et zimmlech spéit, wann esou negativ Rumeuren zirkuléieren. Hei muss da probéiert ginn, d'Wourecht ënner d'Leit ze bréngen.
Schlecht Publicitéit kann z.B. entstoen,
- wann zwee Membere vun enger Unitéit Sträit mateneen hunn an d'Chef/tainen déi Saach net an d'Rei kréien ;
- wa Membere sech an der Versammlung langweilen, well net fir jiddereen eng Beschäftegung virgesinn ass ;
- wann e Meedchen oder e Jong bei den Aktivitéiten iwwerfuerdert gëtt ;
- wa Memberen oder Elteren dat Gefill hunn datt d'Chef/tainen sech net genuch ëm d'Sécherheet an d'Gesondheet këmmeren ;
- wa bei Aktivitéite gefëmmt oder Alkohol gedronk gëtt.

Eng aner interessant Méiglechkeet fir nei Memberen ze kréien ass eng “Porte Ouverte”, dat heescht Net-Memberen, awer och hiren Elteren, konkret weise wat de Guidissem a Soutissem ass. Hei gin et vill Méiglechkeeten:
- Spillnomëtteg,
- Guiden- a Scoutsabenteuer,
- Schnupper-Weekend,
- en Dag bei de Guiden a Scouten,
- Modellcamp,
- Spillfest,
- asw., asw.

De Choix vun der Organisatioun hänkt vun der disponibeler Zäit an de Méiglechkeete vun all Grupp of. Bei engem Spillnomëtteg, dee sech besonnesch fir Biber a WiWël eegent, kann een d’Kanner während e puer Stonnen verschidden typesch Aktivitéiten erliewe loossen.
Bei engem Guiden- a Scoutsabenteuer, dat fir déi méi grouss geduecht ass, weist een de Jugendlechen e puer Techniken, wéi zum Beispill eng Afebréck, Kachen um Lagerfeier, asw.

Ët kann een och potentiell nei Membere mat op eng Aktivitéit huelen. Zum Beispill eng Sortie, e Week-End oder souguer e Camp. Hei kënnen déi aktiv Kanner deenen aneren erklären, wat si bei den LGS maachen. Oder et organiséiert een eng Aktivitéit nëmme fir Net-Memberen (zum Beispill mat der Hëllef vum S.A.F.A.B.).

Bei esou Organisatioune geet et net nëmmen duer, datt d’Aktivitéit selwer tip-top virbereet ass ; op d’mannst grad esou wichteg ass, datt ee virdrun anstänneg Publicitéit mécht, fir datt déi potentiell nei Memberen och wëssen, datt eppes lass ass. Heifir ginn et och eng Hellewull vu Méiglechkeeten:

- Mailing, dat heescht d’Kanner eenzel uschreiwen,
- d’Kanner an d’Elteren eenzel uschwätzen,
- an der Kierch,
- an der Schoul,
- am Reliounsunterrëcht,
- Prospekter (de Verband huet Prospekter),
- Elterebréif,
- Plakater,
- Flyeren (Ziedele fir auszedeelen),
- Press (Radio, Télé, Zeitung, asw.),
- Internet, e-mail,
- asw., asw.

Um Dag vun der Aktivitéit soll e grousse Staff do sinn, fir mat deenen Neien an d’Gespréich ze kommen, sech ëm se ze këmmeren an hinne mat Rot an Dot zur Säit ze stoen. Heiansdo muss deen een oder aneren e bësse méi intensiv encouragéiert ginn. Ët soll een och d’Adresse vun deenen Eenzelnen opschreiwen, eventuell am Laf vun engem Spill.
Vläicht huet et hinne gefall, mais si trauen sech net esou richteg erëm. Da kann een se doheem kontaktéieren.

Dëst sinn nëmmen Denkustéiss, well all PR-Aktioun muss vun all Grupp spezifesch op seng “Clienten” ugepasst ginn. Fir déi Saach e bëssen z’illustréieren ass hei e konkret Beispill vun engem Guiden- a Scoutsabenteuer fir Kanner vum 3. bis 6. Schouljoer:

Guiden- a Scoutsabenteuer vum 23. September 2000

D'Abenteuer gëtt um Internetsite publik gemaach.

Freides, de 15. September verschécke mer de Mailing : Flyer, Bréif fir d'Elteren asw. (6 Leit)

Sonndes, de 17. September deele mer an Uniform Ziedelen an der Kannermass aus (5 Leit).

Dënschdes, den 19. September deele mer Ziedelen an der Mass fir de Schoulufank aus (5 Leit).

Mëttwochs, den 20. September deele mer Ziedele bei de Schoulen aus:
- Schoul am Sand (4 Leit)
- Schoul am Pull (5 Leit)
- Schoul op der Knupp (3 Leit):

Samschdes, den 23. September:

Rendez-vous op der Plaz um 12h00, d'Kanner kommen um 14h00.

Zelt opriichten, Konstruktiounen.

D'Kanner gin a sechs Gruppen agedeelt.

6 Ateliers à 15 min. (Roulement) :
1. Nimm opschreiwen, iwwer Intressen an Hobbye schwätzen (2 Leit)
2. New Games (2 Leit)
3. Afebréck mat Staffette (4 Leit)
4. Lagerfeier mat Thüringer (3 Leit)
5. Loftbäll mat Waasser schéissen (2 Leit)
6. Molwand (2 Leit)

Um Schluss kréien d'Kanner e Cadeau (Becher mat LGS-Logo). Si kréien och eng Enveloppe mat heem : weider Explicatioune fir d'Elteren, Programm vum Joer, Prospekt, Umeldungsziedel, asw.).

PR-Material, dat een an der Zentral ka kréien

1) Material, dat ee kann ausléinen :
   - LGS-Ausstellung
   - Calicot 5 x 1 m, mat Logo an Numm « Lëtzebuerger Guiden a Scouten »
   - Schëld 2 x 0,5 m, mam Numm
   - Panneau 0,7 x 0,5 m, mat Logo an Numm (kritt een och am Shop ze kafen)
   - Videofilmer
   - Diaen

2) Prospekter
   - faarwegen Dépliant lëtzebuergesch « Wat dech vum Stull rappt »
   - faarwegen Dépliant franséisch « ça bouge »
   - schwaarz-wäiss Virlag fir Gruppendépliant fir Elteren, lëtzebuergesch/franséisch
   - schwaarz-wäiss Virlag fir Gruppendépliant, portugisesch/franséisch
   - schwaarz-wäiss Virlag fir Dépliant, däitsch

3) Dokumentatioun
   - Zeitungsartikelen
   - Bicher iwwer PR